Réunion 01/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, de l’Energie et de l’Environnement**

**Compte rendu de la réunion du 18.01.2024**

Lieu de réunion : « Op Fréinen »
Invité(s) : Raphaël SCHMITZ
Monique LEFFIN

**ORDRE DU JOUR:**

1. Begréissung vum President dem Här Jean Boden
2. Presentatioun vun de Memberen aus der Ëmweltkommissioun
3. Presentatioun vum Programm vum Ëmweltschäffen dem Här Raphaël Schmitz
4. Historique
5. Festleeë vun den Datumer an Evenementer vum Joer 2024
6. Divers

## *1. Begéissung vum President dem Här Jean Boden*

De President Jean Boden huet ons all begréisst a freed sech iwwer dee neien a gudde Mixe vun deene verschidde Memberen an der Kommissioun. Hien huet sech nach eemol op “d’Reglement interne” vun der Gemeng beruff, wat d’Funktioun vun onser Kommissioun betrëfft a verdäitlecht, dass mir eng berodend Funktioun hunn an oder awer kënnen dem Schäfferot hir Avis’e beliichten a Proposen ofginn.

## *2. Presentatioun vun de Memberen aus der Ëmweltkommissioun*

Wärend engem “Tour de Table” hunn sech d’Memberen all virgestallt an hir verschidden Erwaardungen a Motivatiounen ervir gedroen.

## *3. Presentatioun vum Programm vum Ëmweltschäffen dem Här Raphaël Schmitz*

Den Ëmweltschäffe Raphaël Schmitz huet ons all begréisst a verschidden Thema’en ugeschwat.

- D’ Ziel fir d’Gemeng bis 2030 Klimaneutral ze hunn.
- Am Sënn vum Koalitiounsaccord ze schaffen.
- Avis’e formuléieren an ofginn.
- De Wonsch ons nächst Generatioun ze informéieren an ze sensibiliséieren.
- Energiecaravanne.
- Zesumme mat der Bautekommissioun d’Gemengereglement fir Wärmepompelen bei Baugeneemegungen op de Leescht ze huelen.
- Wéi kënne mir Energie aspueren?
- Zertifizéierung fir de Klima-Pakt. Iddien abréngen.
- Iddien abréngen fir sech fir den Natur-Pakt an de Klima-Pakt ze organiséieren.
- D’Schoulhäff sollen méi Natur nogestallt ginn. Hu mir Iddien dozou?

Dono ass den Här Schmitz nach op déi verschidde fest Aktivitéite vun der Kommissioun agaangen, déi an deene läscht Joren ëmgesat goufen.

## 4. *Historique*

De Jean Boden huet ons e klenge Rapport gemaach iwwer d’Aktivitéiten aus der virechter Ëmweltkommissioun.

- Grouβ Botz
- Dag vum Bam
- Sensibiliséierungsveranstaltungen fir d’Awunner
- Vëlostour mat der Betzder Gemeng

Fir déi nächst 6 Joer si vill nei Ideeën an der Ëmweltkommissioun proposéiert ginn

- Subcideschlëssel am Kader vun den Energeetesche Renovatiounen, vun der Nohaltegkeet a vum Naturschutz op dee Leescht huelen
- Zesummenaarbecht mam Monique Leffin
- Avis’en ofginn zu de Mesure vum Klima- a Natur- Pakt
- E Klima-Pakt Dag oder en Dag vum Waasser organiséieren
- Informatiounsversammlunge fir d’Veräiner fir “Green Eventer” ze organiséieren
- Vëlosweeër puschen duerch Sensibilisatioun (evt. mat de Nopeschgemengen)
- Den Triumph Apel mam SIAS promouvéieren. (En Apel aus onser Géigend dee lues a lues verschwënnt.)
- Den SIAS komme loosse fir eng Informatiounsversammlung
- Informatiounsowender zu deene verschidde Pakten
- Ons schlau maachen iwwer d’Gemengefläche zum Thema: Hecken, Vullen- a Naturschutz
- Eng Brochure iwwer Drénkwaasser eraus bréngen
- Sensibiliséierungsaktioun fir d’Awunner iwwer d’Poubellen, fir den Heckeschnëtt oder wéi een de Mull besser recycléiere kann. Wéi kënne mir spueren?
- En Dag an der Natur

## 5. *Festleeë vun den Datumer*

Mir hunn Datumer fir déi nächst Versammlunge bis den August festgeluecht.

Mëttwoch, den 21.02.2024
Donneschden, den 21.03.2024
Donneschdeg, den 18.04.2024
Donneschden, den 06.06.2024
Donneschden, den 11.07.2024

## *6. Divers*

Fir ons méi einfach ze organiséieren, ass proposéiert an ugeholl ginn, dass mir all Versammlung ënnert en Thema stellen, fir méi konstruktive a schnell weider ze kommen.
Fir déi Leit, déi interesséiert si fir op Ueweranven, den 01.02.an de Virtrag “Zieht euch warm an” ze fueren, besteet eng “Fuergemeinschaft”. Dir kënnt iech gären bei mir ënnert der Nummer 621644620 mellen.

Mat frëndleche Gréiss.

| Degraux Christiane | Boden Jean |
|---|---|
| Sekretär | President |